LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 11 NOV. 2019

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Objet :** Question parlementaire n°1131 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°1131 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable,

Carole Dieschbourg

Adresse postale
L-2918 Luxembourg

Tél. (+352) 247-86824
Fax (+352) 400 410

4, Place de l'Europe
L-1499 Luxembourg

www.emwelt.lu
www.gouvernement.lu

130 000008-2004525-FR

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima a nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentarësch Fro n°1131 vum 29. August 2019 vum honorabelen Deputéierten Här Fernand Kartheiser**

De Landwirtschaftsminister huet am Ministerrot vun der Europäescher Unioun am Juli 2019 interveneiert, fir d'Restriktiounen an d'Verbueter op nationalem Niveau ronderem den Déierentransport wärend Hëtztwellen ze presentéieren. Bei dëser Geleeënheet huet de Minister och seng Ufro fir eng Revisioun vum Reglement (EC) Nr 1/2005 iwwer den Déierentransport widderholl, fir di maximal erlaabten Reesdauer ze reduzéieren.

D'Demande, fir eng gesetzlech Propositioun fir eng Verännerung vum Reglement iwwer den Déierentransport ass an d'Conclusiounen vum Ministerrot agefloss, a gëtt vun der aktueller finnescher Presidence vum Ministerrot vun der Europäescher Unioun ausgeschafft. Duerno ass et d'Verantwortung vun der neier europäescher Kommissioun, déi eenzeg europäescher Institutioun, déi en Initiativrecht huet, a méi speziell vun der neier Kommissärin Madamm Kyriakides, fir e Gesetzesvirschlag ze adoptéieren oder net.

D'Conclusiounen vum Ministerrot, déi formell wärend der Dezembersëtzung ugeholl ginn, wäerten sech och mat enger neier Strategie fir d'Wuelbefannen vun den Déieren fir d'Period 2020-2024 beschäftegen, esou wéi och mat der Aféierung vun engem fräiwëllegen europawäiten Etiquetagesystem, den op Déiereschutzkriterien baséiert, déi iwwert den Ufuerderungen vun den aktuelle Gesetzer stinn.

D'Conclusioune fuerderen och d'Aféierung vun engem Kapitel iwwer Déiereschutz an de Fräihandelsofkommen vun der EU. Et sief bemierkt, datt d'Lëtzebuerger Delegatioun bei de Verhandlungen vu Fräihandelsofkommes mat Kanada, den USA an MERCOSUR all Kéier ähnlech Demandë ënnerstëtzt huet.

Zousätzlech ass déi konsequent Politik vun der Regierung fir en starken Déiereschutz reegelméisseg op de Sëtzunge vum Ministerrot vun der Europäescher Unioun wärend dem viregte Mandat ennerstrach ginn.

Sou huet de Landwirtschaftsminister schonn am November 2016 d'Demande vu sengem schwedesche Homolog fir eng Harmoniséierung vun den Transportregelen fir Déieren a fir eng Reduktioun vun der erlabter Reesdauer ënnerstëtzt.

Am Februar, Mee an November 2016 huet de Landwirtschaftsminister zesumme mat e puer vu senge Kollegen eng méi konsequent europäesch Aktioun a Saachen Déiereschutz gefuedert, fir den Erwaardunge vun den europäesche Bierger gerecht ze gin. Dës Initiativ huet 2017 zu der Schafung vun der Europäescher Plattform fir Déiereschutz gefouert, déi vun der Europäescher Kommissioun presidéiert gëtt, an aus Delegéierten aus de Memberstaaten, concernéierten Interessenten, a Vertrieder vun Netregierungsorganisatiounen a beruffflechen Associatiounen besteet. Di Lëtzebuerger Delegatioun huet d'Schaafe vun dëser neier Struktur ënnerstëtzt, virausgesat datt d'Virundreiwen vu Richtlinnen an neie Gesetzesvirschléi net bloquéiert gët.

Wärend de Virbereedungsdiskussiounen am Mee 2016 hat de Landwirtschaftsminister de Wonsch ausgedréckt, datt d'Plattform sech haaptsächlech mam Erfarungsaustausch tëscht de Memberstaaten beim Ëmsetze vun der bestoender Gesetzgebung befaasst, fir eng Harmoniséierung, d'Abezéiung vun Déiereschutzthemen an den internationale Handelsofkommen, an d'Entwécklung vu Liewensmëtteletiketten, déi iwwer den Déiereschutz informéieren, ze garantéieren. Dës Themen goufen wärend den éischte Réuniounen vun der Plattform beschwat, an d'Entwécklung vu Richtlinne fir verschidden Themen ass virgesinn.

Schlussendlech huet dat Europäescht Reglement iwwer offiziell Kontrollen an der Liewensmëttelketten, déi 2015 ënner Lëtzebuerger Présidence ugeholl gouf, verschidden europäesch Referenzzentren fir Déiereschutz gegrënnt, denen hirt Zil ass, d'Ëmsetzung vun der Gesetzgebung an de Memberstaaten ze verbesseren. 2018 gouf en éischten Zentrum fir d'Wuelbefanne vun de Schwäin, an 2019 en Zentrum fir Gefligel an aner kleng Béischten gegrënnt.

Fir d'nächst Joer ass d'Prioritéit vum Landwirtschaftsminister , datt d'Europäesch Kommissioun eng nei Strategie fir d'Period 2020-2024 adoptéiert. Dës Strategie soll Gesetzesvvirschléi iwwer Déierentransporter, Etiquetage—Systemer vun Liewensmëttel déi d'Wuelbefannen vun Déieren respektéieren, an Normen fir Wuelbefannen vun Zuuchtdéieren , déi nach net vun europäeschen Reglementer ofgedeckt goufen, beinhalten.

Am Kader vum lëtzebuergëschen Examen fir de Juegdschäin, ginn d'Kandidaten ausgebild fir generell déiereschutzgerecht ze joen (Identifizéiere vu Wëld, Situatioun an Distanz aschätzen, Schéissen, ugepasste Munitioun, ugepasste Waff an ugepassten Optik). De plus ginn déi zukünfteg Jeeër ausgebild fir blesséiert Wëld ze sichen. Obligatoresch muss hei eng Sich mam Hond ageleet ginn an dës Sich muss preparéiert ginn. Déi néideg Kenntnisser kritt een op enger weiderer Formatioun zu där och den déiereschutzgerechten Ëmgang mat den Hënn gehéiert. Net ze vergiessen ass de fachgerechten Ëmgang mam Liewensmëttel Wëldfleesch, och dëst gëtt an der Formatioun geléiert.

Hënn a Kazen déi wëll liewen ginn net als « bejobar Aart » consideréiert an duerfen deemno och net geschoss ginn. Hei gëllen also déi selwecht Bestëmmungen wéi bei all aner Hënn oder Kazen och. Och gesait de Juegdkalenner eng generell Bëschrou vir, eng Zait an där am Bësch net däerf gejot ginn.